PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht, Bildung & Gesondheet weiderzeleeden.

Op RTL.LU ass haut op der Haaptsäit ze liesen, dass d'Infirmiersschüler, déi wärend der Coronakris iwwert een CDD vum Staat agestallt goufen, fir ze hëllefen, hiere Kontrakt gekënnegt kruten. De Gesondheetsministère huet erkläert, datt d'Aarbechtskontrakter fräiwëlleg vum LTPS gekënnegt goufen, well d'Schüler nach hier Formatioun ofschléisse missten an deemno hier Stagen misste fäerdeg maachen, fir d'Joer ze packen. Den LTPS huet zur selweschter Zäit ee Mail u seng Schüler geschéckt, wou rieds dran ass, dass den LTPS keen Afloss op d'Decisioun hat, well déi vum Ministère koum.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Déi Dammen an Häre Ministeren: wéi eng vun deenen zwou Versiounen entsprécht der Wourecht a firwat sinn d'Aussoen vu béiden Instanzen kontradiktoresch?

2. Op Grond vu wéi engen Dispositioune kann een Employeur ouni den Accord vum Employé een CDD virum Enn vun der Frist einfach esou kënnegen?

3. Wäert d'Regierung de d'Schüler, déi hier Zäit, Aarbecht a Gesondheet fir d'Wuel vun der Bevëlkerung agesat hunn, ob mannst d'Indemnisatiounen, déi hinnen bis de 29te Mee zoustoungen, ausbezuelen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député